
# ONG·NEWS

LËTZEBUERGER LANDJUGEND A JONGBAUEREN
SERVICE COOPÉRATION A.S.B.L.

Nr. 27 - 2024



Bildung verändert Leben: Schüler kommen zu Wort

Nouveau projet : traction animale et appui-conseil agricole

# Edito

## Léiwen Tony (1934 - 2024) ...

Léiwen Tony, ech erënnere mech nach un den 9. Abréll 2013, wou mir bei Dir an der Stuff mat engem Iesel (!) stoungen a wous Du d'*Médaille du mérite* vun eiser Äerzdiözees iwwerreecht kritt hues. Mat déser Auszeechnung hu mir Dir all Merci gesot fir Deng Pionéieraarbecht, déi de Grondstee vun eiser Kooperatiounsaarbecht bedeit.

Als jonke Bauer hues Du Dech 1959 opgemaach an Däi Wee huet Dech an déi deemoleg Ober-Volta (haut Burkina Faso) bruecht. Zesumme mat dem Mgr Bretault an dem Jesuitte-Pater Henri Spoden, Aumônier vun der *Action Catholique Rurale*, si Weeër gesicht ginn, fir d'Liewe vum lokale Bauerestand am ländlechen Afrika zum Positiven ze veränneren. Merci, barka!

Kuerz virun der Auszeechnung ass eng Delegatioun vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* op eng Visitt an de Burkina Faso gefuer. Et wor fir mech déi éischte Kéier, datt ech dëst Land konnt erliewen an et huet mech beweegt. Ma ech denken, esou ass et jidderengem am Grupp gaangen. Sech fir eng ONG engagéieren heescht, Mënschen an hir Kultur begéinen a se schätze léieren. Dat ass ee Saz, deen ech ëmmer erëm widderhuelen an ech sinn och elo nach dovun iwwerzeegt: just wa mir zesummen ee Wee ginn, huet dës Welt eng Zukunft. Zesummen sech engagéieren, zesumme Projeten entwéckelen a sech géigesäiteg ënnerstëtzen, dat ass Entwéck–lungszesummenaarbecht.

Vill Projeten a Reese konnte mir bis elo realiséieren. Vill Frëndschafte konnte sech fannen. Ech soe Merci fir all dat, wat mat dësem Grondsteen am Joer 1959 konnt opgebaut ginn an ech hoffe vu ganzem Häerz, datt sech och an der Zukunft ëmmer erëm Membere vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* fanne loossen, fir sech ze engagéieren. Ma natierlech ass jidderee wëllkomm, deen sech an den Déngscht vun der ländlecher Bevëlkerung an Afrika wëll stellen.

Mir erliewe ganz vill Ënnerstëtzung! Merci all den Donateuren, Merci der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* mat hirem Präsidium, dem Nationalkomitee an eise regionale Gruppen an Aarbechtsgruppen. Dir sidd ëmmer do an Är Solidaritéit ass enorm! E besonnesche Merci geet och un déi verschidde Ministèrë mat un der Spëtzt de Kooperatiounsministère.

Ech wëll awer och de Membere vun eisem Büro Merci soen: eiser Sekretärin vum Siège, der Mme Chantal Heuschling, fir hire wäertvollen Engagement. Och der Mme Jacqueline Monville (Chargée de projets) an der Mme Waltraud Toews (Responsable communication, administration et bénévolat) vun eiser ONG-D sief e grousse Merci ausgesprach. Mir sinn äis all eens: ouni hire professionellen Asaz wier esou munche Projet net realiséiert ginn.

Vill Zäit, Iddien, Kraaft a Fantasie ginn awer och vun all eenzel Member vun eisem Verwaltungsrot (CA) investéiert. Nieft de Réunioune vum CA ginn et reegelméisseg Treffe vun eisen Aarbechtsgruppen. Iech all e grousse Merci, duerch Äert Wierke bréngе mir eis Projete virun.

An dësem ONG.News fannt Dir wéi gewinnt vill Informatiounen zu eise Projeten, Aktiounen a villes méi. E grousse Merci Iech all an denkt drun: zesumme si mir staark!

***Romain Richer***
*President*

***Mam Abbé Romain Richer an de Vertrieder vun der ONG, haten sech am Joer 2013 véier vun den Nofollger vum Här Antoine Mailliet zu Rulljen afonnt, fir him fir déi wäertvoll Auszeechnung mat der Médaille du mérite ze gratuléieren:***
*(v.l.n.r.) Abbé Romain Richer, Marcel Scheidweiler, Johny Storn, Antoine Mailliet, Pierre Morn an Arthur Mangen.*



# Inhalt


**04**
Nos projets de coopération :
Le lycée professionnel de Zambélé

**07**
Der Klimawandel und seine Folgen
für die Kleinbauern in Burkina Faso

**10**
Nos projets de coopération :
La traction animale et l'appui-conseil agricole

**12**
Bildung verändert Leben:
Schüler kommen zu Wort

**14**
Kënne mir souwisou näischt änneren
um Misär an der Welt?

**16**
Ënnerstëtzung vun eiser Kooperatiounsaarbecht

**18**
Sensibiliséierung a Fundraising

**20**
Génereis Done vun de Schäfferéit

**21**
Finanzaufkommen

**22**
Buchtipps

**23**
An eegener Saach / Impressum

**24**
Eis Wäerter, Visioun an Engagement




*Des élèves du complexe scolaire de Zambélé, Burkina Faso*

# « Je rêve d'être architecte » …



**…nous dit Roukiatou, 15 ans, élève en génie civil. Comme elle, plus de 160 élèves ont déjà rejoint le lycée professionnel de Zambélé depuis la rentrée 2023-2024 pour se former à des métiers dans les filières de génie civil et de génie électrique.**

Aller à l'école, se former à un métier, obtenir un emploi qualifié, toucher un salaire, sont des étapes importantes dans la vie des jeunes du monde entier. Au **Burkina Faso**, 2% seulement des élèves du secondaire ont accès à l'enseignement technique et professionnel. Le pays n'a pas les moyens de construire des ateliers de formation, de les équiper, ni de former des enseignants spécialisés. En effet, la formation professionnelle ne requiert pas seulement des salles de classe pour les matières générales, mais nécessite en plus des investissement lourds en matériels et en personnels qualifiés.

Face à cette situation, la grande majorité des jeunes burkinabè poursuivent leur scolarité dans l'enseignement général où ils obtiennent des diplômes qui ne sont pas adaptés à l'économie locale et qui les conduisent le plus souvent au chômage ou au sous-emploi. Ce déséquilibre entre compétences et emploi, de même que le manque de qualification professionnelle de la population active, impactent le pays en général et peinent à le faire sortir de la pauvreté.



*Le site dispose d'installations pour produire de l'énergie solaire.*

En collaboration avec le Conseil Villageois de Développement (CVD) de Zambélé, notre ONG a entamé en 2021 la construction d'un lycée professionnel en milieu rural. Ce lycée est le premier établissement à offrir des filières de formation en



*Grâce à vos dons, nous avons pu acheter du matériel de qualité pour les élèves.*



*Travaux pratiques : construction d'un mur*

génie civil et électrique dans la province du Passoré qui compte plus de 500.000 habitants. C'est un lycée public, ouvert à tous et géré par l'Etat, dont les frais de scolarisation sont réduits au minimum et qui dispense un programme d'enseignement et des diplômes reconnus au niveau national. En plus des ateliers de formation, le site dispose également d'installations pour produire de l'énergie solaire et d'un forage d'eau potable.

Après l'atelier de génie civil, inauguré en 2022, un second atelier en **génie électrique et énergie solaire** a été construit et a ouvert ses portes en septembre 2023. Les équipements, matières premières et outils fournis par le projet ont permis à l'équipe enseignante, nommée par l'Etat burkinabè, de démarrer immédiatement la formation. Cinq classes sont actuellement ouvertes sur le site et quatre classes supplémentaires s'ajouteront dès la rentrée 2024-2025. La progression des classes se poursuivra ainsi jusqu'à atteindre 16 différents niveaux de formation (8 niveaux par atelier) d'ici 2026-2027.

Les formations offertes sont accessibles à la fois aux filles et aux garçons. Même si l'expérience montre que peu de filles sont attirées par la maçonnerie-construction en raison des travaux très physiques, d'autres formations telles qu'électricité bâtiment, appareils électriques, énergie solaire, dessin technique à la main et sur ordinateur (en génie civil et électrique) leurs sont plus favorables. Au terme de leur apprentissage, tous, filles et garçons, seront mieux préparés pour entrer dans la vie active.

***Jacqueline Monville***
*Chargée de projets*



▲ *Les élèves apprennent à monter des circuits électriques.*

▼ *Travaux pratiques : creuser des fosses de fondation*




Suite page 6 ➡

# Auf einen Blick

## Bau einer Berufsschule (Lycée d’enseignement et de formation techniques et professionnels EFTP) in Zambélé, Burkina Faso

**Ziel:**

Stärkung des öffentlichen Systems der technischen und beruflichen Bildung und Verbesserung des Qualifikationsniveaus von Jugendlichen und jungen Erwachsenen im ländlichen Raum

**Ort:**

Dorf Zambélé, Gemeinde Gomponsom, Provinz Passoré




Copyright: Peter Hermes Furian Alamy Stock Foto

**Nutznießer**:

Mehr als 1.000 Mädchen und Jungen zwischen 12 und 24 Jahren

**Projekte:**

- Bau von zwei Ausbildungswerkstätten – eine für Bauwesen (Maurerhandwerk/ Bautechnik/ Bauzeichnen), die andere für Elektrotechnik (Gebäude-Elektrotechnik/ Elektronik/ Sonnenenergie)
- Ausstattung der neuen Gebäude mit Möbeln, Werkzeug, Lehr- und Büromaterial sowie Solarmodulen
- Trinkwasserversorgung des Standorts

**Dauer:**


September 2021 – August 2024

**Lokaler Partner:**

Conseil Villageois de Développement (CVD) de Zambélé

**Gesamtbudget:**

1.124.000 €, davon 80% bezuschusst durch die Direktion für Entwicklungszusammenarbeit und humanitäre Angelegenheiten (MAEE). 20% werden durch Spenden erwirtschaftet.



# „Die Bauernfamilien sind sehr beunruhigt"

## Der Klimawandel und seine Folgen für die Kleinbauern in Burkina Faso

**Die meisten Familien im ländlichen Burkina Faso sind Kleinbauern, die sich von ihren eigenen Erzeugnissen ernähren (Subsistenz-Landwirtschaft). Doch die Auswirkungen des Klimawandels stellt sie vor immer größere Probleme.**

Die Familien bearbeiten meist zwischen 0,5 und 5 Hektar Land. Zu den häufigsten Getreidearten zählen Sorghum, Mais und Hirse. Viele Bauern verfügen über sehr wenige mechanische Hilfsmittel, sodass der Hauptteil der Arbeit manuell erledigt wird. Alle Familienmitglieder, auch die Kinder, helfen bei der Feldarbeit.

### Die Regenzeit wird immer kürzer

Nur wenn die Ernte gut ausfällt, kann sich die Familie davon ausreichend ernähren und im besten Fall auch einen Teil davon verkaufen. Die Felder werden nur durch den natürlichen Niederschlag bewässert. Der Regen muss zum richtigen Zeitpunkt und in der richtigen Menge fallen, damit die Saat aufgehen kann. Die Ernährungssicherheit der Menschen ist also sehr abhängig von Wetter und Klima, vor allem vom rechtzeitigen Beginn der Regenzeit.

Die Regenzeit, die im nördlichen und zentralen Teil des Landes normalerweise von Mai bis Oktober dauert, beginnt allerdings immer später und wird immer kürzer, wie **Elisabeth Kanssolé**, Projektleiterin bei der *Fédération des sociétés coopératives des professionnels agricoles* du Burkina Faso (FESCOPAB) erklärt: „Die Bauernfamilien sind sehr beunruhigt. Es ist nicht mehr vorhersehbar, wann der Regen eintreffen wird. Das stresst die Bauern enorm, denn sie müssen den richtigen Zeitpunkt für die Aussaat bestimmen - ansonsten riskieren sie einen Ernteausfall. Wenn nach der Aussaat kein Regen fällt, verdirbt die Saat und es muss noch einmal gesät werden. Das wiederholt sich so lange, bis die Saat aufgeht. Aber Saatgut ist teuer und der Vorrat daran geht schnell zur Neige." ▶




*Bauern in ihrem Feld mit Sorghum, einer der wichtigsten Getreidearten in Burkina Faso. Es wird vornehmlich für die Produktion von Mehl und als Viehfutter verwendet.*



***Elisabeth Kanssolé** ist Projektleiterin bei der Fédération des sociétés coopératives des professionnels agricoles du Burkina Faso (FESCOPAB), eines landwirtschaftlichen Dachverbandes, mit dem LLJ-Service Coopération seit 2018 zusammenarbeitet.*

*Die Auswirkungen des Klimawandels, die sich durch immer öfter wiederkehrende Dürren und Überschwemmungen bemerkbar machen, gefährden die Nahrungssicherheit der Menschen im ländlichen Burkina Faso.*





*Die Folgen der Trockenheit sind bei diesem Bohnenfeld sichtbar: Die Schoten können wegen des fehlenden Regens nicht ausreifen.*

## Überschwemmungen, Dürre und Hitze

Die Wetterextreme nehmen zu. Starkregen und Überschwemmungen spülen immer öfter die Saat fort und vernichten die jungen Pflanzen. „Wir hören auch immer öfter von Regionen mit extremer Trockenheit", erklärt Elisabeth Kanssolé. „Der Grundwasserspiegel sinkt und die Wasservorräte in den Wasserspeichern, zum Beispiel Viehtränken, trocknen aus. In meinem Dorf erreichen die Bäume unserer Obstplantage nicht mehr das Grundwasser – das gab es noch nie."

Gemüsegärten, die einen wichtigen Beitrag zur Ernährung der Familien leisten, müssen nicht selten wegen des Wassermangels aufgegeben werden. Seit mindestens 5 Jahren steigen die Temperaturen spürbar, im Jahr 2023 wurde erstmals eine Rekordtemperatur von fast 50 Grad gemessen.

Auch Stürme richten zunehmend Schäden an. Der starke Wind knickt vor allem die hohen Getreidearten, wie Mais und Sorghum, und zerstört die Strohdächer der Häuser.

## Die Folge: Armut und Mangelernährung nehmen zu

Die Ernteeinbußen bei gleichzeitig stark wachsender Bevölkerung haben zur Folge, dass die Kleinbauern im ländlichen Burkina Faso zunehmend armutsgefährdet sind. Wenn die Ernte nicht ausreicht, um die eigene Familie zu ernähren, müssen die Bauern Lebensmittel zukaufen, doch woher das Geld nehmen, wenn sie keinen Teil ihrer Ernte verkaufen können, da diese viel zu mager ausgefallen ist? So geraten die Familien schnell in einen Teufelskreis.

## „Wir müssen unsere Arbeitsweise verändern"

Für Elisabeth Kanssolé steht fest, dass die Kleinbauern so resilient wie möglich werden müssen, um vor diesen Herausforderungen bestehen zu können. Das neue Projekt von LLJ-Service Coopération in Zusammenarbeit mit der FESCOPAB stärkt die Familien aus den teilnehmenden Dörfern dabei. Einige Beispiele:

### Mehr Resilienz durch die Zaï-Methode

Die Bauern, die an dem Projekt teilnehmen, werden im Einsatz der Zaï-Methode zur Bestellung ihrer Felder unterrichtet. Dabei zieht ein Esel oder anderes Zugtier eine „Kassin" (leichter Pflug), um den harten Boden aufzubrechen. Einer der Vorteile dieser Methode ist, dass der Zahn der Kassin tiefer in den Boden greift als die traditionellen manuellen Geräte. Dadurch kann das Wasser tiefer in den Boden eindringen und die Jungpflanzen profitieren von einer tieferliegenden Bodenfeuchte, die nicht so schnell austrocknet.

### Kompost zur Verbesserung der Böden

Auch die gezielte Herstellung und Verwendung von gutem Kompost ist Teil der Fortbildung der Kleinbauern. Er hilft, den Boden zu lockern und schützt ihn vor Austrocknung. Selbst geschädigte Böden können damit in Verbindung mit der Zaï-Methode wieder fruchtbar gemacht werden.

### Diversifizierung der Feldfrüchte

Die Familien werden darin beraten, wie sie mehrere Arten von Feldfrüchten auf optimale Art und Weise anbauen können, um weniger abhängig von den Wetterextremen zu werden. Bauern, die zusätzlich zum Getreide noch Arten wie Bohnen oder Erdnüsse anbauen, können das Risiko des Ernteausfalls vermindern.

### Verbesserter Zugang zur Wettervorhersage

Die meisten Kleinbauern verfügen weder über ein Radio noch einen Fernseher, geschweige denn einen Internetzugang. Im Rahmen des Projekts wird ihnen ein besserer Zugang zur Wettervorhersage ermöglicht, nämlich über ein System, das über Mobilfunk funktioniert.

## Das Ziel ist Ernährungssicherheit trotz Klimawandel

In einem Land wie Burkina Faso, in dem der Klimawandel schneller voranschreitet als im globalen Durchschnitt (vor allem in der Sahelzone des Landes), die Hälfte der Bevölkerung jünger ist als 18 Jahre und die Ernährungssicherheit der meisten Menschen von ihrer eigenen Ernte abhängt, ist die Unterstützung der bäuerlichen Familien von größter Bedeutung.

Elisabeth Kanssolé fasst das Ziel des Projekts in einfache Worte: „Wenn die Kleinbauern genug zu essen haben, wenn sie ein kleines Einkommen erwirtschaften können, um ihre täglichen Ausgaben zu bestreiten, dann kann man von einer Verbesserung ihrer Lebensbedingungen sprechen."

**_Waltraud Toews_**
*Responsable communication, administration et bénévolat*



*Bauernfamilien werden in der Anwendung der „Kassin" ausgebildet.*



*Die Kassin ist leicht und daher gut für Esel (die schwächer sind als andere Zugtiere) sowie Frauen und Jugendliche geeignet.*

Informationen zum neuen Projekt von LLJ-Service Coopération finden Sie auf den folgenden Seiten. ▶

**Zum Weiterlesen:**

https://wiki.bildungsserver.de/klimawandel/index.php/Dürren_im_Sahel

Isabelle Niang and others, "Africa", AR5 Climate Change 2014: Impacts, Adaptation, and Vulnerability, Intergovernmental Panel on Climate Change (IPCC), 2014.

# La traction animale et l'appui-conseil agricole au service de l'agriculture familiale


**Ensemble avec l'organisation paysanne FESCOPAB (Fédération des sociétés coopératives des professionnels agricoles du Burkina), notre ONG a mis en place un nouveau projet d'appui à l'agriculture familiale qui vient de démarrer dans 45 villages au centre et nord du pays.**

Au Burkina Faso, la production agricole repose essentiellement sur des petites exploitations familiales qui travaillent encore beaucoup à la main et qui dépendent fortement des pluies et du climat. Dans ce contexte, LLJ-Service Coopération travaille aux côtés des populations rurales pour améliorer leur sécurité alimentaire et leur résilience, afin qu'elles soient en mesure de sortir durablement de la pauvreté.

Dans la suite du programme 2018-2021, le nouveau projet vise à consolider l'augmentation des rendements agricoles obtenue grâce à l'utilisation de la traction animale (en particulier le duo âne-kassine) tout en intégrant un dispositif de **conseil agricole et d'accompagnement technique** des producteurs. Ce dispositif d'appui-conseil englobe : les activités agricoles et la gestion des exploitations, la préservation de l'environnement et des sols, l'adaptation au changement climatique, le stockage/vente des céréales en commun et la diversification des productions par le maraîchage (culture des légumes).

La zone d'intervention du nouveau projet s'est élargie de 73% et comprend actuellement 45 villages répartis sur 7 communes. Ces villages ont été choisis sur base d'un **diagnostic préalable** qui a permis d'identifier les dynamiques locales existantes, de déterminer les atouts et les contraintes spécifiques à chaque zone, et de valider de manière participative et transparente les 45 villages bénéficiaires parmi 72 villages potentiels.

Les **bénéficiaires du projet** sont des exploitations familiales faiblement équipées et aux superficies limitées (1 à 3 ha). Ces petits producteurs (hommes et femmes) n'ont pas les ressources suffisantes pour financer leurs équipements agricoles et ont un accès limité aux institutions de microfinance à cause des conditions d'octroi et du coût élevé du crédit. Pour remédier à cette situation, le projet s'appuie sur la mise en place de **coopératives d'utilisation du matériel agricole (CUMA)** où les producteurs mettent en commun leurs ressources pour acquérir et utiliser ensemble du matériel agricole. Ce type de gestion collective permet de réduire le coût de la mécanisation et d'accéder à du matériel moderne et adapté tout en partageant les risques liés à l'investissement. 34 CUMA seront ainsi créées au cours du projet et viendront s'ajouter aux 22 CUMA issues du programme 2018-2021.




**Le saviez-vous ?**

La kassine est une charrue légère constituée d'un corps principal (porte-outil) sur lequel différents outils viennent se fixer en fonction des opérations culturales à réaliser.

Elle est utilisée collectivement au sein de coopératives et peut aussi être louée par d'autres producteurs.

La kassine est produite à Ouagadougou et les forgerons installés dans les différents villages d'intervention ont été formés pour la réparer et l'entretenir.

Tout le projet est basé sur un **transfert de compétences** à travers des animateurs, formateurs et paysans modèles qui sont installés dans les villages, connaissent les réalités du terrain et parlent la langue locale. En plus des petits producteurs, le projet travaille aussi à renforcer les compétences des responsables et animateurs provinciaux/régionaux de l'organisation paysanne FESCOPAB afin qu'ils soient en mesure d'apporter un appui-conseil de qualité parmi leurs 200.000 membres.

Cette implication directe à la fois des coopératives de producteurs et de l'organisation paysanne qui les représente, permettra d'assurer l'appropriation et la multiplication des activités malgré le contexte politique et sécuritaire difficile que traverse actuellement le pays.

***Jacqueline Monville***
*Chargée de projets*

## Förderung einer nachhaltigen und widerstandsfähigen Familienlandwirtschaft in Burkina Faso

**Ziel:**

Verbesserung der Ernährungssicherheit und des Einkommens landwirtschaftlicher Haushalte durch den Aufbau von ortsnahen Beratungs- und Unterstützungsdiensten

**Ort:**

45 Dörfer in den Regionen Norden, Zentrum-Norden und Zentrum-Westen von Burkina Faso

**Nutznießer:**

Ca. 5.400 Produzenten, Ausbilder und Leiter von Kooperativen/Gruppierungen, die nach ihrer Fortbildung für die Weitergabe von landwirtschaftlichen Kenntnissen und Beratung anderer Produzenten zuständig sind.



*Mit der Zaï-Methode werden brachliegende Felder wieder für den Anbau zurückgewonnen. Im neuen Projekt werden nicht nur Esel, sondern auch andere Zugtiere wie Rinder und Dromedare verwendet.*

**Projekte:**

- Stärkung der Produktionskapazitäten und -techniken mit Zugtieren, um den Getreideertrag zu steigern
- Zugang zu modernen landwirtschaftlichen Geräten durch gemeinschaftliche Nutzung (Kooperativen, Miete)
- Diversifizierung der Produktion durch Gemüseanbau (Verbesserung der Ernährung durch Eigenverbrauch; zusätzliche Einkommensquellen durch Verkauf)
- Stärkung der Managementkapazitäten von Kleinbetrieben und Einführung nachhaltiger Produktionssysteme (klima-intelligente Techniken, Wiedergewinnung geschädigter Böden)
- Bessere Vermarktung der Produkte (Qualitätsstandards, Erntetechniken, Lagerung, Verpackung), gemeinsamer Verkauf
- Stärkung der Zusammenarbeit zwischen lokalen Akteuren, um den Produzenten bessere Beratungs- und Unterstützungsdienste anbieten zu können

**Dauer:**

Dezember 2023 - November 2026

**Lokaler Partner:**

FESCOPAB - Fédération des sociétés coopératives des professionnels agricoles du Burkina

**Gesamtbudget:**

860.000 €, davon 80% bezuschusst durch die Direktion für Entwicklungszusammenarbeit und humanitäre Angelegenheiten (MAEE). 20% werden durch Spenden erwirtschaftet.

**Aktuelles zu unseren Projekten finden Sie auf / Suivez l'actualité de nos projets sur :**

www.facebook.com/ServiceCooperationLLJ

landjugend_service.cooperation

# Bildung verändert Leben: Schüler kommen zu Wort

Für Kinder und Jugendliche in Luxemburg ist es selbstverständlich, jeden Tag zur Schule zu gehen. In **Burkina Faso** sieht das anders aus, vor allem auf dem Land. Viele Kinder gehen gar nicht zur Schule oder nur wenige Jahre lang. Das hat Folgen: Ein junger Mensch, der nicht lesen, schreiben und rechnen kann, findet keine gute Arbeit und bleibt arm. Um einen Beitrag zur Verbesserung dieser Situation zu leisten, hat LLJ-Service Coopération vor einigen Jahren zusammen mit Partnern vor Ort einen öffentlichen **Schulkomplex** mit minimalen Schulgebühren im Dorf Zambélé gebaut. Hier lassen wir einige Schüler(innen) und Lehrer zu Wort kommen.




## Mariettou (11):

„Seit ich lesen und schreiben kann, hat sich mein Leben zum Besseren gewendet. Vorher musste ich immer jemanden fragen, wenn ich etwas lesen oder schreiben wollte. Jetzt komme ich ganz allein damit zurecht."



## Zoenabo (7):

„Ich gehe gerne zur Schule. Dort kann ich mit meinen Freunden spielen und es gibt Bohnen zum Mittagessen. Auf dem Bild bin ich gerade im Schulgarten, wo wir lernen, wie man Gemüse anbaut. Ich verteile Kompost auf die Zwiebelpflanzen."



### Thomas (13):

„In der Schule bereiten wir unsere Zukunft vor. Ich möchte später Elektriker werden. Ich will Elektroinstallationen in Gebäuden anbringen und Autos reparieren."



### Nabonswendé (15):

„Mein Lieblingsfach ist Naturwissenschaft, da lerne ich über den menschlichen Körper und Krankheiten. Ich möchte Ärztin werden, um Krankheiten zu heilen und neue Medikamente zu entwickeln, zum Beispiel gegen das Dengue-Fieber."



### Gilbert Konkobo, Lehrer, und Inoussa Sawadogo, Schuldirektor der Primärschule:

„Unser Auftrag besteht nicht nur darin, Wissen zu vermitteln. Wir kennen auch die Lebensrealität unserer Schüler(innen). Wenn wir bemerken, dass ein Kind Gefahr läuft, die Schule abzubrechen - zum Beispiel, weil die Eltern es zum Hüten des Viehs brauchen - reden wir mit der Familie und finden gemeinsam Lösungen. Wir haben viele Beispiele von Kindern, die wir wieder zurück zum Schulbesuch gebracht haben – heute sind sie Buchhalterinnen, Lehrer oder Zollbeamte."

## SCHON GEWUSST?

In Burkina Faso gibt es eine Schulpflicht bis 16 Jahre, aber in der Realität gehen die Kinder im Durchschnitt nur etwa 2 Jahre lang zur Schule (*PNUD 2020*). Viele junge Menschen brechen die Schule ab, weil sich ihre Eltern den Schulbesuch nicht leisten können oder die Schule zu weit entfernt ist. Für Mädchen ist es besonders schwierig: Sie müssen oft zu Hause arbeiten oder werden früh verheiratet.

Als Folge davon können nur ca. 34% der Erwachsenen ab 15 Jahren in Burkina Faso lesen und schreiben (*Banque mondiale 2022*). Analphabeten sind abhängig von anderen und haben keinen Zugang zu Information und Bildung. Ihre Kinder bleiben meist ebenfalls arm, weil die Eltern nicht genug Geld und Verständnis dafür haben, um sie zur Schule zu schicken. Damit beginnt ein Teufelskreis der Armut, aus dem es schwer ist, auszubrechen.

# Kënne mir souwisou näischt änneren um Misär an der Welt? Firwat d'Aarbecht vun eiser ONG fir mech awer Sënn mécht

### E Kommentar vum Remy Harpes, Member vum Verwaltungsrot



Déi éischt Méint vum Joer sinn ëm a mir stellen ouni grouss Iwwerraschung fest, dass et weider iwwerall an der Welt rumouert. Schonn eng ganz Rei Jore liewe mir an enger Zäit vun „multiple Krisen". Dat waren net nëmme Covid an Energiekris, déi mir ganz no gespuert hunn, mee och Klimaverännerung, déi mir lues a lues och hei mierken.

Et ass och net nëmmen de Krich virun eiser europäescher Hausdier, mee och dat allgemengt Gefill vun Iwwerlaaschtung an eise Perfektionismus, deen eis Käpp net méi zur Rou komme léisst. Et ass och net nëmmen dat lues a luest Aushiewele vun der Demokratie a ville Länner op der Welt mee och e Réckelen no riets a villen europäesche Länner, wat eis beonrouegt an d'Zukunft kucke léisst.

Déi Lëscht kéint een nach wäit weiderféieren. Global gesinn hate mir déi lescht Joerzingten awer eng Weltuerdnung, déi stabil war an sech kaum verännert huet. Dëst ass awer net méi de Fall a global Muechtverhältnisser an der Welt sinn amgaangen sech ze änneren. Den asiatesche Kontinent ass dem Weste souwisou schonn zueleméisseg wäit iwwerleeë mee och technologesch a wirtschaftlech ass dat schonn an e puer Beräicher de Fall.

De Westen huet seng technologesch Iwwerleeënheet an der Vergaangenheet vis-à-vis vum Osten an och vis-à-vis vun Afrika ausgenotzt. D'Chance gouf einfach verpasst, déi Länner, déi an der Entwécklung net sou wäit waren, op Aenhéicht ze begéinen a stabil Relatiounen opzebauen, bei deenen net ee Partner d'Gefill huet, ausgebeut ze ginn.

Mat der séierer Entwécklung vum asiatesche Kontinent a mat deem verbonnene Rostoffbesoin ass elo ze fäerten, dass den afrikanesche Kontinent nach emol ënnert d'Rieder kënnt. Dat wäert wuel net méi sou geschéie wéi dat zu Kolonialzäiten de Fall war. Och ginn zum Deel Infrastrukture gebaut mee den afrikanesche Kontinent verschélt sech iwwer laang Joren a verjubbelt seng Buedemschätz.

Korruptioun vu Membere vun den eegene Regierungen, Klimaverännerung an eng Bevëlkerung, déi staark wiisst, féieren zu Perspektivlosegkeet a sou si vill Leit, virun allem Jonker, einfach fir radikal Gruppementer ze begeeschteren. En Däiwelskrees fänkt u mat dréinen an e Land fënnt nëmme schwéier do eraus.

Wann een sech also Gedanken iwwert déi aktuell global Situatioun mécht, kann ee schonn zum Schluss kommen, dass ee jo als eenzel Persoun souwisou näischt ännere kann. Ech fannen, da gëtt et héich Zäit sech zréck ze huelen an d'Vue e bëssi méi lokal unzesetzen. Ech ka mat mengem Verhale ganz wuel en Dag am Liewe vun enger Persoun veränneren, jee nodeem wéi ech mech vis-à-vis vun hir verhalen.

E gutt Gespréich mat enger Persoun, déi grad an enger Liewensfro net déi richteg Äntwert parat huet, ka ganz wuel Afloss op de Liewenswee vun där Persoun hunn.

Fir erëm zréck bei den afrikanesche Kontinent ze kommen: Natierlech kënne mir net alle Mënschen an Nout um afrikanesche Kontinent hëllefen, mee fir déi Mënschen, déi vun den Entwécklungsprojete profitéieren, kann et den Ënnerscheed an hirem Liewe sinn, dass si mat hire Familljen an Dignitéit liewe kënnen.

### Wat heescht dat konkret fir d'Entwécklungsprojete vun eiser ONG LLJ-Service Coopération?

Natierlech besteet e klenge Risque, dass déi 1.000 Schüler aus de Schoulen, déi eis ONG zu Zambélé am Burkina Faso gebaut huet, duerch Terroristen aus hirem Duerf verdriwwe ginn an net méi kënnen an d'Schoul goen. D'Alternativ ass, näischt ze maachen, also keng Schoulen ze bauen. D'Follge wieren, dass déi Jonk manner Perspektiven hätten a méi ufälleg wieren, selwer radikal ze ginn.

# Kommentar



*Schüler am Complexe scolaire, Zambélé: De Jonken eng Perspektiv ginn*

Nëmme wann eng Gesellschaft e gewëssen Niveau u Bildung huet, kann si sech Zougang zu Informatioune verschafen a kann esou ongesond Tendenzen erkennen a sech dogéint wieren.

Och bei eisem Projet fir d'Formatioun vu Baueren am Burkina Faso kënne mir de Risk net ganz ausschléissen, dass d'Bevëlkerung vun engem vun den Dierfer, déi um Projet deelhuelen, virun Terroriste flüchte muss an hir Formatioun an aner Aktivitéiten dann net méi kënne weidergefouert ginn. An e puer Dierfer aus eisem ale Projet war dat effektiv och schonn de Fall. Déi Leit hunn sech missen op enger anerer Plaz néierloossen, haten awer de landwirtschaftleche Knowhow fir sech do erëm eppes opzebauen. Och hei sinn d'Konditiounen net ideal, wieren se dat, sou misst keng ONG do si fir ze hëllefen.

Kooperatiounsaarbecht op deem Niveau wéi eise Service Coopération se mécht, ännert net de System, si bréngt awer wuel eng Ännerung fir déi Männer, Fraen a Kanner, déi kënnen a wëllen dovunner profitéieren. Si kréien d'Kompetenze vermëttelt fir sech eng geséchert Zukunft an hirer Heemecht opzebauen.

**„Was wir heute tun, entscheidet, wie die Welt morgen aussieht.“**
***Boris Pasternak, russeschen Dichter a Schrëftsteller***

***Remy Harpes***
*Member am Verwaltungsrot*

**Hutt Dir Froen zu eiser Aarbecht, Gedanken oder Ureegungen?**
**Schreift eis un ong.news@jongbaueren.lu**

## Ënnerstëtzung vun eiser Kooperatiounsaarbecht

# En Dag vun der Kooperatioun

Den 19. November 2023 wier de Centre Culturel Nei Brasilien zu Gréiwels bal aus allen Néit gebascht: D'Landjugend Zenter an LLJ-Service Coopération hate fir den „Dag vun der Kooperatioun" zu Gonschte vun den Entwécklungsprojeten am Burkina Faso agelueden, a vill Leit ware komm, fir zesummen eng Mass ze feieren, d'Musek ze lauschteren, ze poteren, e gutt Iessen ze genéissen, sech iwwert d'Projete vun der ONG ze informéieren, bei der Tombola a beim Molconcours matzemaachen – an dat alles fir de gudden Zweck: Den integralen Erléis vum Dag - 3000 Euro - fléisst an d'Projete vun der ONG.

E ganz **grousse Merci** un d'Ekipp vun der **Landjugend Zenter** fir d'Organisatioun vum Dag, un d'Groussbus-Waler Musek, déi net nëmme flott gespillt, mee och hir Gage fir d'Projete gespent huet, an un all aner Leit, déi zu deem Dag bäigedroen hunn!



*De Sall war gutt gefëllt mat sympathesche Leit, déi d'Aktioune vun der ONG iwwert dëse Wee gären ënnerstëtzen.*



*De ganzen Dag iwwer hunn d'Membere vum Zenter sech an den Déngscht vun der gudder Saach gestallt.*



*Ënner de Gäscht waren och d'Ministesch fir Landwirtschaft **Martine Hansen**, an d'Deputéiert **Jeff Boonen** a **Luc Emering**.*



*Dem **Romain Richer**, President vun der ONG, huet d'Dësch-Dekoratioun mat de witzege Mini-Kürbisse vum Hahn Haff gutt gefall.*



*Am Kader vum **Molconcours** zum Thema „Wéi ech mir Afrika virstellen" goufe flott Präisser un déi jonk Kënschtler iwwerreecht. Merci fir d'Matmaachen!*




*Fir de Molconcours huet de **Louis Boonen**, 7 Joer, mam Bléck vun engem „Profi" den Ënnerscheed tëscht dem Akerbau zu Lëtzebuerg an am Burkina Faso duergestallt.*

**Kuckt de klenge Video iwwer den „Dag vun der Kooperatioun":**

## E grousse Merci un déi regional LLJ-Gruppen

Eemol méi hunn déi regional Gruppe vun der ***Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren*** hir Solidaritéit mat der ländlecher Bevëlkerung am Burkina Faso duerch e generéisen Don zum Ausdrock bruecht. Op de regionale Generalversammlungen 2023 hunn d'Responsabel vun de Gruppe Cliärref, Süden an Zenter e Scheck am Wäert vun 4.000 €, 1.300 € resp. 2.500 € un de Romain Richer, President vun der ONG LLJ-Service Coopération, iwwerreecht.



*LLJ Zenter*



*LLJ Süden*





*LLJ Cliärref*

## Wonnerbar Geste vu Solidaritéit

Am Numm vum Verwaltungsrot soe mir de Pompjeesfrënn Gemeng Useldeng, de Fraen a Mammen Uespelt an den Nederlandse Agrariers e grousse Merci fir déi sympathesch Ënnerstëtzung fir d'Kooperatiounsprojeten (2.500 €, 3.000 € resp. 4506,70 €) déi si am Laf vum Joer 2023 eiser ONG zoukomme gelooss hunn.





*Pompjeesfrënn Gemeng Useldeng*



*Fraen a Mammen Uespelt*



*Nederlandse Agrariers*

## Sensibiliséierung a Fundraising

**Am Laf vum Joer 2023 huet den LLJ-Service Coopération op verschidde Plazen iwwert d'Kooperatiounsprojeten informéiert a sech eppes afale gelooss, fir de Leit d'Aarbecht vun der ONG méi nozebréngen.**



◀ *Fir de Stand um **Fierkelsmaart** zu Rammerech den 02.04.2023 huet eng kleng, mee héich motivéiert Ekipp keng Méi gescheit a frësch Fuesbällercher zoubereet a mat Kaffi a Schocki verkaaft. Den Erléis fléisst an d'Projeten zu Gonschte vun der ländlecher Bevëlkerung am Burkina Faso.*





▲ *Op der **Foire Agricole Ettelbréck** konnte Schoulklassen den 30.06.2023 bei engem nei ausgeschafften Atelier Interessantes iwwert d'Erausfuerderunge vun de Baueren am Burkina Faso léieren an erfueren, firwat den Iesel esou e wichtegt Déier fir si ass. Zum Schluss vum Atelier gouf eng witzeg Iesel-Handpopp gebastelt.*

# Sensibiliséierung a Fundraising






▲ *Déi handgemaachten Elefanten an Ieselen aus dem Burkina Faso sinn de Klassiker op eise Stänn. Hutt Dir och schonn een?*

▲ *Eisen Info-Stand op der **Foire Agricole Ettelbréck** ass op groussen Interessi gestouss. Vill Froe ronderëm eis Aarbecht am Burkina Faso konnte beäntwert ginn. Villmools Merci fir de flotten Austausch mat all de Leit, déi laanschtkomm sinn!*



▲ *Kanner, déi beim Glécksrad gewonnen haten, duerften sech e flott Kannerbuch raussichen.*



▲ *Den 23.09.2023 war den LLJ-Service Coopération am **Shoppingcenter Belle Etoile** present, fir iwwert d'Kooperatiounsprojeten ze informéieren.*

**E grousse Merci un all eis Benevollen, déi eis mat hirer Kreativitéit an Disponibilitéit ënnerstëtzt hunn!**

Wann Dir och Loscht hätt, Iech bei der eng oder anerer Aktioun anzebréngen, mellt Iech gäre bei ***Traudi Toews***, *Responsable communication, administration et bénévolat*:
Tel. 44743-562 / secretariat@jongbaueren.lu

# Ënnerstëtzung vun eiser Kooperatiounsaarbecht

## Génereis Done vun de Schäfferéit

Och bei de Gemengen ass Solidaritéit mat der ländlecher Populatioun am Burkina Faso groussgeschriwwen. Folgend Done goufen un d'ONG iwwerreecht:

**Déifferdeng, eng Stad hëlleft:** 20.000 €, **Schëffleng hëlleft:** 15.000 € a **Monnerech hëlleft**: 5.000 €.



Déifferdeng, eng Stad hëlleft

PROJETS HUMANITAIRES

Die Stadt Differdingen unterstützt jedes Jahr erzieherische und nachhaltige humanitäre Projekte. Wir stellen Ihnen im Diffmag regelmäßig Projekte vor.

Dieses Mal die ONG Service Coopération der „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren".

Bau einer Berufsschule in Burkina Faso
LLJ – Service Coopération a.s.b.l.

Service Coopération wurde 1959 von „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren" gegründet. Die ONG ist bereits seit mehr als 60 Jahren in Afrika tätig, mit dem Ziel, die Lebensbedingungen der Bauern südlich der Sahara zu verbessern. Dabei legt Service Coopération einen Schwerpunkt auf die Unterstützung von Landwirten in Burkina Faso, das zu den am wenigsten entwickelten Ländern weltweit zählt.

Die Menschen dort haben immer öfter mit Dürren und anderen Folgen des Klimawandels zu kämpfen. Ihre Ernte reicht oft nicht aus, um die Familie ausreichend ernähren zu können. Die Kinder müssen bei der Feldarbeit helfen und können oft nur sehr wenige Jahre zur Schule gehen. Analphabetismus ist vor allem unter den Frauen weit verbreitet.

Service Coopération setzt deshalb bei der Bekämpfung der Armut durch Bildung an. Die ONG hilft nicht nur mit Fortbildungen für Bauern, die ihnen ermöglichen, ihre Anbaumethoden zu verbessern und damit weniger auf die Mithilfe ihrer Kinder angewiesen zu sein, sondern auch mit dem Bau von Schulen im ländlichen Raum. Insbesondere Mädchen profitieren von Schulen auf dem Land, da viele Eltern zögern, ihre Töchter auf den weiten Weg in die Stadt zu schicken.

Ein aktuelles Projekt ist der Bau des Lycée d'enseignement et de formation techniques et professionnels im Dorf Zambélé in Zusammenarbeit mit dem lokalen „Conseil Villageois de Développement". Es besteht aus zwei Ausbildungswerkstätten: eine für Bauwesen (Maurerhandwerk/Bautechnik/Bauzeichnen), die andere für Elektrotechnik (Gebäude-Elektrotechnik/Elektronik/Sonnenenergie). Der Unterricht im Bauwesen hat bereits begonnen, die Werkstatt für Elektrotechnik wird gerade fertiggestellt. Die Jugendlichen können dort eine fundierte Berufsausbildung erhalten, die ihnen einen Ausweg aus Armut und Abhängigkeit bietet.

Zum Bau des Lycée gehört auch die Ausstattung mit Mobiliar, Lehr- und Büromaterial und Solarmodulen sowie eine Trinkwasserversorgung des Standorts.

Ziele des Projekts

- das Qualifikationsniveau von Jugendlichen im ländlichen Raum verbessern
- das öffentliche System der technischen und beruflichen Bildung stärken
- mehr als 1.000 Mädchen und Jungen von 12-24 Jahren profitieren von der Schule

Unterstützen auch Sie das Projekt

LLJ – Service Coopération a.s.b.l.
CCPLLULL:
LU06 1111 0050 3083 0000
jongbaueren.lu

Präsentationsvideo der ONG:

28 NEWS DIFFMAG

D'Projete vun der ONG goufen am „Diffmag 06/2023" virgestallt.




Monnerech hëlleft



Schëffleng hëlleft

### E grousse Merci

**un déi regional Gruppe vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l. an un all Donateure fir déi wäertvoll Ënnerstëtzung!**


Nous tenons à remercier toutes celles et tous ceux qui, grâce à leur soutien financier, nous ont permis de réaliser notre travail de coopération !

# Finanzaufkommen 2023

De ***Service Coopération*** vun der ***Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l.*** ass zënter 1959 an der Entwécklungszesummenaarbecht an Afrika täteg. D'ONG ass domat eng vun den éischten unerkannten Associatiounen hei am Land, déi an dësem Domaine aktiv ass.

***LLJ-Service Coopération*** huet den Agreement beim zoustännege Ministère (MAEE - Direction de la coopération au développement et de l'action humanitaire) a kann esou op de Kofinanzement bei der Ëmsetzung vun de Projeten zréckgräifen. Fir all gespenten Euro leet de Ministère 4 Euro bäi.

## Ausgaben 2023




**Gesamtbudget:** Projekt „Bau einer Berufsschule" (Sept. 2021 - Aug. 2024): 1.124.000 €

**Gesamtbudget:** Projekt „Förderung einer nachhaltigen Familienlandwirtschaft" (Dez. 2023 - Nov. 2026): 860.000 €

Payez mobile avec payconiq

## Wann Dir eis Aarbecht ënnerstëtzen wëllt – Pour soutenir notre travail:

**Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren - Service Coopération a.s.b.l.**

CCPLLULL: IBAN LU05 1111 0050 3083 0000


CCRALULL: IBAN LU32 0090 0000 0157 8004

**Ären Don dréit direkt zur Reduzéierung vun der Aarmut am Burkina Faso bäi a kann am Kader vum Gesetz vun de Steieren ofgesat ginn.**

## *Wir bedanken uns sehr herzlich*

**bei den regionalen Gruppen der LLJ und allen Spender/innen sowie bei der Direktion für Entwicklungszusammenarbeit und humanitäre Angelegenheiten (MAEE) für die gewährte Unterstützung!**

# Buchtipps




## Mama Baobab

Aus der Feder der Autorin Nasrin Siege stammt die märchenhafte Geschichte „Mama Baobab“, die uns durch die Augen des Hirtenjungen Abedi die Legenden und Kultur Afrikas näherbringt.

Im Mittelpunkt der Geschichte steht der Baobab, auch Affenbrotbaum genannt. Er ist Meister der Trockenheit, ragt in erstaunliche Breite und Höhe und wo er wächst, bringt er Leben. Unter solch einem Baum schlummert Abedi - der eigentlich Ziegen hüten soll - ein. Als er aufwacht, beherrscht er plötzlich die Sprache der Tiere und stellt erschrocken fest, wie seine Ziegen, Abschied rufend, in der Weite verschwinden.

Doch nicht nur die Ziegen kann er verstehen: In jedem Kapitel führt die Autorin ein neues Tier der afrikanischen Wildnis ein - vom Bartvogel bis hin zu den Hyänen, deren unheimliches Lachen Abedi in der Nacht heimsucht.

Gemeinsam mit seinen tierischen Begleitern begibt sich Abedi auf die Suche nach seinen Ziegen. Doch bald wird klar, dass sie es nicht ohne die Hilfe der sagenumwobenen „Mama Baobab“ schaffen werden, der Seele der Baobab-Bäume.

Mit einfachen, aber eindrucksvollen Worten beschreibt Nasrin Siege die Flora und Fauna ihrer Kindheit, die durch die Illustratorin Maike Neuendorff träumerisch aufs Papier gebracht wurden. „Mama Baobab“ eignet sich ab 5 Jahren als Vorlesebuch und kann mit seinen 13 Kapiteln über mehrere Abende vorgelesen werden. Für Kinder ab 7 Jahren ist die Geschichte wegen ihrer leichten Sprache auch als Lesebuch geeignet.

Vorlesetipp: Die verschiedenen Tiere und ihre Rufe laden zur Lautmalerei ein und erhöhen so den Hörspaß!

***Leslie Fischbach***
*Medienpädagogin bei der ErwuesseBildung asbl.*

EwB | ErwuesseBildung




## La ronde des bêtes

### Le moteur animal et la fabrique de la modernité

Cet ouvrage de l'historien François Jarrige, fruit d'une longue enquête, se propose de retracer l'histoire longue du moteur animal, de ses mutations et de sa contribution à la fabrique du monde moderne.

Désormais oubliée, ou considérée comme une pratique périmée, la mobilisation des animaux tournant en rond pour produire de la force et actionner des appareils mécaniques a pourtant accompagné l'expansion de l'Europe, nourri l'extractivisme, offert un moteur bon marché aux premières usines comme aux paysans, avant d'inspirer les recherches contemporaines d'alternatives aux combustibles fossiles.

Alors que les appels à décarboner et à sortir des énergies fossiles se multiplient, ce livre s'efforce de retrouver des modes de vies oubliés et de redonner à voir des collaborations entre humains et non-humains largement invisibilisées par les récits dominants.

*(Texte et image du rabat du livre « La ronde des bêtes », Editions la Découverte)*

# Merci Här Mailliet!

En Iesel gëtt mat Hëllef vun engem einfache Kieler un e liichte Plou gespaant a lass geet et. Mat dëser Iddi huet den Tony Mailliet 1959 de Grondstee vum Engagement vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren am Beräich vun der Entwécklungszesummenaarbecht geluecht.

Zënterhier versiche mir an dësem Geescht zesumme mat eisen afrikanesche Partner a Frënn Aktiounen a Projeten ze realiséieren, déi zum Wuel vun der afrikanescher Landbevëlkerung solle bäidroen.

Den 23. Januar 2024 huet den Tony äis am Alter vun 89 Joer verlooss. Mir behalen hien a gudder Erënnerung a soe Merci fir säin Engagement, seng Iddien a säi Courage. Senger Famill drécke mir eist häerzlechst Bäileed aus.

**De Verwaltungsrot**



▲ *Fir den Tony war et deemols net evident, fir dat néidegt Material beieneen ze kréien, fir datt déi éischt Kielere fabrizéiert konnte ginn.*



▲ *Den Tony Mailliet krut 2013 d'Médaille du Mérite vun der Äerzdiözees iwwerreecht.*


## Verwaltungsrot

**President:** RICHER Romain, Abbé – **Vizepresidentin:** DORNSEIFFER-MARX Marie-Claude – **Vizepresident:** MITSCH Philippe – **Tresorier:** HARPES Remy – **Sekretärin:** BERRIRI Camilya – **Memberen:** GRETHEN Bianca, MAJERUS Pol, MAJERUS-CLEMES Martine, PIRET Ben.

## Haaptamtlech Team

**Chargée de projets:** MONVILLE Jacqueline – **Resp. communication, administration et bénévolat:** TOEWS Waltraud – **Secrétaire-comptable:** HEUSCHLING Chantal

FSC www.fsc.org MIXTE Papier | Pour une gestion forestière responsable FSC® C013024

**Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.**

5, avenue Marie-Thérèse • L-2132 Luxembourg

Tel.: (+352) 44743 - 562 – www.jongbaueren.lu

service.cooperation@jongbaueren.lu / secretariat@jongbaueren.lu

Le papier ayant servi à l'impression de cette brochure n'a pas été blanchi au chlore (Circle silk 100% recyclé).
Gedruckt auf umweltfreundlichem, chlorfrei gebleichtem Papier (Circle silk 100% wiederverwertet).

print solutions

**Tirage/ Auflage:** 1700

**Redaktion:** Waltraud Toews, Jacqueline Monville, Chantal Heuschling (Korrektur), Philippe Mitsch (Bildbearbeitung).

# LËTZEBUERGER LANDJUGEND A JONGBAUEREN
# SERVICE COOPÉRATION A.S.B.L.

Nous soutenons et accompagnons des projets de développement durable orientés vers les populations rurales de l'Afrique subsaharienne.

## Eis Wäerter

- **Dignitéit:** de Mënsch steet ëmmer am Mëttelpunkt
- **Solidaritéit:** Zesummenaarbecht op Aenhéicht
- **Gläichberechtegung:** Fërderung vun der Gläichstellung vu Mann a Fra
- **Egestännegkeet:** duerch Bildung seng Zukunft selwer bestëmmen
- **Transparenz:** e verantwortlechen Ëmgang mat de Ressourcen, déi äis uvertraut sinn

## Eis Visioun

- d'Aarmut vun de Bauere reduzéieren
- den Zougang zu Educatioun a Formatioune verbesseren
- d'Sécherheet fir eng gesond Ernärung garantéieren

## Eisen Engagement

- **Nohaltegkeet:** laangfristeg Verbesserung vun de Liewenskonditiounen
- **Ganzheetlechkeet:** Reduzéierung vun der Aarmut duerch ëmfaassend Projeten
- **Experienz** vun iwwer 60 Joer an der Entwécklungszesummenaarbecht

***Un grand Merci pour votre soutien !***



www.jongbaueren.lu